Question élargie n° 176
Reçue le 09.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre**
**des Députés**

Lëtzebuerg, den 9 Dezember 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 82 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zur praktescher Ëmsetzung vun de Kompenséierungs- an Ausgläichsmossnamen am Kader vum Naturschutzgesetz un d'Madamm Ëmweltministesch stellen.

Aus engem rezenten Artikel aus dem *Luxemburger Wort* „Abzocke, Willkür, Schutzgelderpressung" geet ervir, dass de Kompenséierungssystem heiansdo willkürlech ausgeluecht gëtt, an dass et un klore Richtlinne feelt. D'Riichter vum Verwaltungsgeriichtshaf haten rezent jo och scho d'Interpretatioun an d'Ausleeung vum Naturschutzgesetz ugeprangert.

Dofir géif ech gären dëse Sujet zur praktescher Ëmsetzung vun de Kompenséierungs- an Ausgläichsmossnamen am Kader vum Naturschutzgesetz an enger Question élargie uschwätzen.

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéierten